ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 2. Februar 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Kulturminister weiderzeleeden.

Déi national Museksfederatioun UGDA representéiert ronn 300 Musek-, Gesang-, Theater a Folkloreveräiner mat am ganze ronn 12.500 Memberen. Hire neie Generalsekretär sot an engem Interview, den 01. Februar 2021 um Radio 100,7, datt de Sport op Amateursniveau, bei de Corona-Restriktiounen, besser ewech kënnt wéi d'Veräiner vun der Union Grand-Duc Adolphe.

D'Reegel vu maximal dräi Musekanten (mat Blosinstrumenter), déi zesumme mat engem Dirigent prouwen dierfen, wier iwwerdeems fir déi allermannst Veräiner eng Optioun. Déi aktuell Recommandatiounen am Beräich vun der Musek wieren einfach net nozevollzéien. Wéinst de strenge sanitäre Reegelen, déi vum Staat imposéiert ginn, géifen d'Aktivitéite vun de Veräiner onméiglech oder op d'mannst ganz schwiereg gemaach ginn.

Dowéinst wéilte mir der Madamm Kulturminister dës Fro stellen:

-D'UGDA fuerdert datt, wat d'Corona-Restriktiounen uginn, hir Veräiner d'nämmlecht behandelt gi wéi déi am sportleche Beräich. Wär d'Regierung d'accord am nächste Corona-Gesetz op de Wee ze goen? Wann nee, firwat net?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

Fernand Kartheiser
Deputéierten